SPACE MINING
Richtung22 – Theater 2016

"Space activities must be for the benefit of all nations and humans."
UN Outer Space Treaty

"Häh?! Asou... Jojo!"
Regierung Letzebuerg.

GIEL: Direkt Zitater
GRÉNG: Direkten Faktenbezuch

Szeen 1

a)

Ablendungen:
21. Setzung vun der Generalversammlung vun den Vereenten Natiounen
1499t Treffen vun der Pleniär. 19 Dezember 1966

D'Vereent Natiounen stemmen den "Outer Space Treaty"

Den UN Generalsekretär Sithu U Thant freet no der Ofstemmung d'Wuert fir desen historesche Moment an déi joerelaang Viraarbecht erfirzehiewen.[1]

Sithu U Thant: Ech hunn em de Privileg gebueden haut virun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen schwätzen ze däerfen. Grond heivir sinn déi wichteg Ratifikatioun an déi signifikanten Decisiounen, déi mir grad getraff hunn, fir d'Menschheet insgesamt a fir d'Missioun an d'Prinzipien vun den Vereenten Natiounen.
Ech si mer secher, dass ech fir all Natioun hei am Raum, wéi och fir déi ganz Menschheet generell schwätze, wann ech eis zu desen internationalen Regelen felicitéieren, déi mir tescht eis alleguer, fir de Weltraum opgestallt hunn.[2]

Déi wichtegst Reegelen aus desem Vertrag:

1) D'Erfuerschung an de Gebrauch vum Weltraum soll zum Gewenn an am Interessi vun alle Länner geschéien an als Gebitt vun der ganzer Menschheet gellen.
2) Kee Stat ka sech (am) Weltraum eppes uneegnen oder statlech Souveränitéit gelle loossen, weder duerch Occupatioun nach iwwer aner Mettelen.
3) State si responsabel fir hier national Weltraumaktivitéiten, sief et staatlech oder privat Missiounen.
4) State sollen haftbar si fir Schued, deen duerch hier Aktivitéiten am Weltraum entsteet.[3]

Ech soen de Vertriederinnen a Vertrieder vun de Länner Merci fir d'unanime Zoustemmung a géif dann déi jeweileg Länner bieden, unzefänken dese, fir d'Menschheet essentiellen Text, ze ratifizéieren.

(Sithu U Thant trett of - Chamberdénger trett vun der Säit vir beim Public op)

---

1 De gesamten Text vum Outer Space Treaty: http://www.unoosa.org/pdf/publications/STSPACE11E.pdf
2 Ried vum Sithu U Thant: http://legal.un.org/avl/ha/tos/tos.html
3 Offiziell Zesummefaassung vun der UNO: http://www.unoosa.org/oosa/en/ourwork/spacelaw/treaties/introouterspacetreaty.html

b)

Chamberdénger: Zur nämlechter Zäit beschäftegt sech zu Letzebuerg d'Chamber mam Outer Space Treaty.
Stemm aus dem Off räuspert sech
Chamberdénger *(kuckt op säi Blat, iwwerleet kuerz)*: Kuerz drop beschäftegt sech zu Letzebuerg d'Chamber mam Outer Space Treaty.
Stemm aus dem Off: Egal wat "kuerz drop"! Wat heescht dann hei "kuerz drop"?
Chamberdénger: Okay. 39 Joer méi spéit beschäftegt sech zu Letzebuerg d'Chamber mam Outer Space Treaty. Den Avis vum Staatsrot läit schonn zanter Méint fir, et ass eng vun deene leschte Setzungen vum Parlament kuerz virun der Summervakanz an et ass scho no 6 Auer. D'Presidence vun der Chamber huet den Här Lucien Weiler.[4]

Lucien Weiler: Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, der Diskussioun vum Projet iwwert d'Notzung vum extra-atmosphäresche Raum. D'Wuert huet den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer.
Patrick Santer: Merci Här Präsident, dir Dammen an dir Häre. Mam virleienden Text gett de sougenannten Traité d'Espace guttgeheescht. Den offiziellen Terminus ass "Traité sur les principes régissant les activités des États en matière d'exploration et d'utilisation de l'espace extra-atmosphérique, y compris la lune et les autres corps célestes" - Wat och emmer dat heescht...
Chamberdénger: Interruptions. Mr. Robert Mehlen, ADR
Robert Mehlen: Si se all eenzel opgezielt?
Patrick Santer: Si sinn net all opgezielt. Mä, Här Mehlen, Dir könnt dat roueg eng Kéier nohuelen. Desen Traité definéiert d'Regelen, déi ee brauch, fir e friddlecht Matenaner teschent de Staten am Beräich vun der Exploitatioun vum Weltraum ze garantéieren...
Chamberdénger: Coups de cloche de la Présidence
Patrick Santer: Niewent aneren internationale Konventiounen kloer duergeluecht huet, datt et net ka sinn, datt de Weltraum u sech e rechtsfräie Raum ass, wou alles méiglech ass. E weideren Text - och nach net vu Letzebuerg ennerschriwwen - ass een Accord iwwert d'Aktivitéite vu Staten um Mound an aneren Himmelskierpere vun 1979. Do gesäit een awer, datt scho verschidde...
Chamberdénger: Une voix.
Eng Stemm: Mir kéinten jo e Referendum maachen.
Patrick Santer: Mir kéinten jo ee Referendum maachen an déi Leit, déi mat "Nee" gestemmt hunn, kéinten och op de Mound fléien, fir ze kucken, wéi et do ausgesäit.
Chamberdénger: Hilarité et interruptions diverses
Patrick Santer: A sengem Avis vum 7. Dezember 2004 huet sech de Staatsrot hannert des Zilsetzung gestallt. En huet awer gläichzäiteg gemengt, datt déi aner Texter, déi Letzebuerg ennerschriwwen...
Chamberdénger: Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence
Patrick Santer: De Staatsrot huet awer gemengt, datt Letzebuerg misst déi aner Konventiounen, déi Letzebuerg ennerschriwwen huet an déi awer nach net ratifizéiert sinn, esou séier wéi méiglech ratifizéiere, fir d'Kohärenz vun deem ganze juristeschen Kader hierzestellen.
Et wier ee besse laang, fir lo déi Reegelen opzeleschten an z'explizéieren. Dat ass alles. Wat d'Fraktioun ugeet, sou wäert d'CSV-Fraktioun mat grousser Begeeschterung desem Text d'Zoustemmung ginn.
Merci.
Chamberdénger: Plusieurs voix
Jiddwereen*t: Très bien.
Lucien Weiler: Merci Här Santer, Éischte Riedner ass den honorabelen Här Grethen
Henri Grethen: Ech däerf der Chamber soen, dass mäi Koleeg Charles Goerens déif impressionéiert ass iwwert déi detailéiert Fachkenntnisser, déi de Rapporteur hei exposéiert huet.

4 5363 - Projet de loi portant approbation du Traité sur les principes régissant les activités des États en matière d'exploration et d'utilisation de l'espace extra-atmosphérique, y compris la Lune et les autres corps célestes

Dee Projet ass jo wichteg fir d'Menschheet. Dofir wäert et iech net wonneren, Här President, wa meng Fraktioun deem Projet hir Zoustemmung gett.
Chamberdénger: Plusieurs voix
Jiddwereen*t: Très bien.
Lucien Weiler: Merci Här Grethen, den Här Diderich huet d'Wuert
Fernand Diederich: No den ausféierleche Erkläerungen vum Rapporteur...
Chamberdénger: Hilarité
Fernand Diederich: ...well ech och dann den Accord vun eiser Fraktioun bréngen. Merci.
Chamberdénger: Plusieurs voix
Jiddwereen*t: Très bien.
Lucien Weiler: An als leschte Riedner huet den honorabelen Här Felix Braz d'Wuert.
Felix Braz: Mir brénge selbstverständlech och eis Zoustemmung zum Text.
Lucien Weiler: Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kéimen dann zum Vote vum Projet de loi.[5]
*(Jiddwereen*t heft d'Hand)*
Et ass also esou décidéiert.
*(Jiddwereen*t ass um feieren)*

c)

(1, 2 an 3 kommen iwwer d'Säiten-Trap an de Sall)

1: Cut, Stopp, halt direkt op.
2: Supper geschafft, si mer lo nees op dem Klamauk-Niveau ukomm. Wahnsinneg witzeg, eng Chamber, déi keng Ahnung huet, wat se do eigentlech ofstemmt, haha. Lo kennt nees déi nämlecht Geschicht vun der schwaacher Demokratie déi vun Affekoten an Consulting-Boiten schachmatt gesat gett an dann gett de senilen Deel vum CSV mat bëllegen Beleidegungen ob eise Plakater rosegemaach.[6] Ha. Ha. Ha.
3: Technik, maach mol eng aner Luucht.
Felix Braz: Mir hunn hei dach einfach just den Text vun den Vereenten Natiounen ofgestemmt.
1: Pah, deen Text ass dach egal wat. De Weltraum soll der ganzer Menschheet gehéieren an zegutt kommen. Wat ass dat dann fir ee welt-raum-friemen Hippie-Blödsinn.
2: An et soll keng Souveränitéit am Weltraum ginn. Wat kennt als näechst, de Sozialismus 20.000 Meilen ënnert dem Mier?
Patrick Santer: Moment. Ma mir droen hei eent zu eent den Text aus dem Chambersbliedchen vum 13 Juli 2005 fir, ...
Henri Grethen: Et ass dach eppes Guddes fir d'Menschheet.
1: Dat doten ass einfach just naiv.
3: Jojo, alles Zitater, wahnsinneg kreativ, wahnsinneg innovativ
Lucie Weiler: Mir kënnen iech lo mol weisen wéi innovativ Lëtzebuerg ass, an zwar andeems mer lo einfach och nach de Mound-Traité vun den Vereenten Natioun[7] ennerschreiwen a ratifzéieren. Dat ass deen Text vun deem den Här Santer an den Staatsrot geschwat hunn.[8]
3: Stopp, nee
2: Oh mäi Gott.
1: Heihinner domadder. Dat gett net ratifizéiert.
2: Déi hu se jo net méi all, den Mound-Traité. Do steet dran, dass d'Weltraumresourcen vun

---

5 Déi ganz Chambersdebatt: http://www.chd.lu/wps/portal/public/RoleEtendu?action=doDocpaDetails&backto=/wps/portal/public/accueil/actualite/!ut/p/b1/04_SjzQyMjS2MLa0MNOP0I_KSyzLTE8syczPS8wB8aPM4l2MXMKCPE2MDPxdg80MjIwDjB2Dgo0MDAxMgAoigQoMcABHA0L6_Tzyc1P1c6NyLABbJtzg/dl4/d5/L2dBISEvZ0FBIS9nQSEh/&id=5363#

6 Dest ass dat 3t Stéck vu Richtung22 iwwert de letzebuerger Geschäftsmodell. Den „senilen Deel“ bezitt sech op d‘Vivianne Reding.

7 De Mound-Traité: http://www.unoosa.org/oosa/en/ourwork/spacelaw/treaties/intromoon-agreement.html

8 Den Avis vum Staatsrot: http://www.chd.lu/wps/PA_RoleEtendu/FTSByteServingServletImpl/?path=/export/exped/sexpdata/Mag/088/369/038678.pdf

engem internationalen Gremium verwalt gi sollen fir dat se der Menschheet zeguttkommen[9] - dat ass ... Kommunismus!
3: Hei, raus mat iech, rof vun der Bühn.

Szeen 2

a)

(1 an 2 riichten sech direkt un de Public, 3 klemmt nodenklech op d'Bühn a fänkt un d'Chambersdokumenter duerchzeliesen)

1: Ech fannen dat Stéck hei lo scho schäiss! Et kann een dach net direkt mat de vereenten Natiounen an iergendwelchen Visiounen ufänken, amplaz einfach ze soen, wat Saach ass.
2: Do uewen am Weltraum fléie Steng ronderem, déi vill Suen wäert sinn.
1: An et gett iwwer 100.000 där Steng, déi relativ no un der Äerd sinn. Experten nënne se Asteroiden - a soen, dass se vollgepaack si mat wäertvollen Edelmetaller![10]
2: Nickel, Gold, Kobalt, Eisen...
1: Am Juli d'lescht Joer ass een Asteroid laanscht d'Äerd geflunn, deen insgesamt Platin am Wäert vun iwwer 5 Billiounen US-Dollar enthalen huet.[11]
2: *(brellt)* Billiounen! Dat sinn 12 Nullen. An dat 5 mol!
1: Een aneren Äerd-noen Asteroid, den 1986DA, enthält 100.000 Tonnen Paltin an 10.000 Tonnen Gold.[12]
2: Gold!
1: Platin ass am Fong méi déier.
2: PLATIN!!!
1: 3554 Amun, e weideren Asteroid enthält ca. de Wäert vun 8 Billiounen US-Dollar an Eisen an Nickel, souwéi 6 Billiounen Dollar a Cobalt. Zesummen mat aneren Edelmetaller ass deen Himmelssteen 20 Billiounen wäert.[13]
2: 20 Billiounen - dat sinn 13 Nullen.
1: Billiounen, un déi mir net rukommen, well sou Idioten ronderem d'Welt de Weltraum der ganzer Menschheet schenken.[14]
2: Dat heescht, och wa mer dru komme géife, misste mer dat dann deelen - mat der ganzer Welt.
3: *(Setzt op der Plaz vum Chamberspräsident)* Halt op mat kräischen, mir mussen elo nodenken.
2: Do bréngt Nodenken näischt. Dat steet sou am Gesetz an dat hält d'Investoren dovun of, eis Suen ze ginn. An dann hält och d'NASA op hier Suen an d'Privatentreprisen fléissen ze loossen a wéi sti mer dann do.
3: An all Gesetzestext gëtt et Lacunen an Interpretatiounsméiglechkeeten. Et ass per Gesetz gereegelt, dass déi Asteroiden kengem gehéieren. Mä dat heescht net, dass dat, wat an deenen Asteroiden dran ass, kengem gehéiere kann.[15] Dat ass dach wéi beim Fëschen an internationale Gewässer. Dem Fëscher gehéeiert net den Ozean, mee dofir awer de Fësch, deen hien aangelt. Prägt iech dat Beispill gutt an.[16]

(1 an 2 dréinen sech em, kommen zereck op d'Bühn. Den 3 liest grad um Dësch Gesetzestexter duerch)

---

9 Gutt Erklärung vun der Weltraum-Legislatioun: http://www.space.com/33440-space-law.html
10 http://space-facts.com/asteroid-belt/
11 http://www.independent.co.uk/news/science/asteroid-worth-35-trillion-set-to-pass-earth-on-sunday-and-you-can-watch-it-live-10398708.html
12 http://adsabs.harvard.edu/abs/1991plas.rept..174O
13 http://mashable.com/2012/04/26/planetary-resources-asteroid-mining-trillions/#o99CASNyPkqS
14 http://www.pbs.org/wgbh/nova/next/space/space-law/
15 Is Space Mining legal? http://www.popsci.com/it-could-soon-be-legal-to-mine-asteroids http://www.lifeofthelaw.org/2015/11/space-law-2-0/
16 http://deepspaceindustries.com/is-asteroid-mining-legal/

1: Du mengs mir sollen et einfach trotzdeem maachen?
2: Du mengs mir sollen einfach d'Vereent Natiounen, d'Menscheet ... an de Staatsrot ignoréieren a lassleeen?
1: Fällt jo kengem op, wann do uewen e puer Steng feelen.
3: Dat ass vläicht ee besse riskant. Ech hunn éischter geduecht, dass mer d'Amerikaner een neit Gesetz schreiwe loossen,[17] wat de Vertrag vun den Vereenten Natiounen ëminterpretéiert an d'Dier opmécht, fir d'kommerziell Weltraum-Exploitatioun.[18]
1: Brilliant!
2: Mega.
3: Huelt Är Telefonsbicher raus. Mir brauchen als éischt eng professional Lobby-Agence... eeeh Affekote-Boite.
1: Let's go big! Komm mir ginn bei d'K&L[19] Gates, 8-gréisst Affektoeboite op der Welt, sponsort an den USA souwuel de Wahlkampf vun den Demokraten, wéi och vun de Republikaner.[20] Déi kréien alles duerch.[21]
3: Okay, K&L Gates bréngt eise Projet an d'Capitol.[22] Mer brauchen lo nach Politiker vu béide Säiten.
2: Republikaner wieren secher dobäi.[23] Erennert der iech, wéi mer deemols den Georges W. Bush dozou bruecht hunn, d'NASA den "Schutz vun der Äerd" offiziell aus hirem *mission statement* sträichen ze loossen?[24] Hei brauche mer smart Leit, vläit souguer zukünfteg Präsidenten. Den Marco Rubio.[25]
1: Ech hunn och e puer Demokraten, mer musse just ee puer Rdver. ausmaachen[26] an déi Leit treffen, e puer mol uruffen an iesse goen.
3: Titel vum Gesetz fir déi Kommerziell Ausbeutung vum Weltraum?
1: *Spurring Private Aerospace Competitiveness and Entrepreneurship Act of 2015*
2: Hä? Dat klengt awer holpreg a forcéiert...
1: Huel d'Ufanksbuchstaawen: SPACE Act[27]
2: Hilarité general.
3: Ween hält d'Ried am Kongress?
1: Ech hunn de richtegen, Kevin McCarthy, Majority-Leader, Republikaner aus Kalifornien.[28]

(McCarthy kennt ran)

McCarthy: A mengem Häerz spieren ech, dass d'Fuerschungsreesen vun der Menschheet grad réischt ugefaangen huet. Kuckt, ech hunn Zäit an der Schoul genee sou wéi all anert Kand an Amerika domat verbruecht, eppes iwwert eis éischt Reesen an de Weltraum ze léieren. Ech erenneren mech, wéi houfreg ech dorop wor, dass Amerika als ÉISCHT um Mound war an dass eise Fändel nach emmer do uewe steet. Mee do däerfe mer net ophalen.
Amerika hat emmer eng féierend Roll, well et an eiser Natur läit, ze féieren. Mir sinn d'Luucht vun der Fräiheet a vun der Dignitéit vum Mensch a mir sinn eng Muecht fir dat Gutt, onvergläichbar mat allem, wat bis elo bekannt ass. Am Weltraum awer - verléiere mer sou lues eis Fähegkeet, ze féieren. Eis Astronaute mussen haut russesch Rakéiten benotzen an aner

17 http://www.huffingtonpost.com/2014/09/09/congress-privatize-asteroids_n_5791672.html
18 http://www.iislweb.org/docs/SpaceResourceMining.pdf
19 http://legaltimes.typepad.com/blt/2013/07/kl-gates-to-lobby-for-aerospace-company.html http://www.klgates.com/r-paul-stimers/
20 http://www.klgates.com/public-policy-and-law-practices/
21 https://foreignpolicy.com/2016/04/28/the-asteroid-miners-guide-to-the-galaxy-space-race-mining-asteroids-planetary-research-deep-space-industries/
22 http://www.wsj.com/articles/one-small-step-for-man-one-giant-leap-for-law-1449444596
23 http://thehill.com/blogs/pundits-blog/technology/262580-politics-stops-at-the-atmospheres-edge
24 http://www.ucsusa.org/our-work/center-science-and-democracy/promoting-scientific-integrity/at-nasa-earth-is-removed.html#.WAnT98lXmM8
25 Statements op der PR-Säit, och vum Marco Rubio: http://www.planetaryresources.com/2015/11/president-obama-signs-bill-recognizing-asteroid-resource-property-rights-into-law/
26 http://thehill.com/business-a-lobbying/288051-lobbyists-leap-to-the-planets-defense-after-asteroid-scare-
27 https://www.gpo.gov/fdsys/pkg/BILLS-114hr2262enr/pdf/BILLS-114hr2262enr.pdf
28 https://kevinmccarthy.house.gov/issues/space

Natiounen schaffen drun, Leit op de Mars ze transportéieren. Mir mussen méi wäit goen, mir mussen dem groussen Onbekannten am amerikanesche Geescht vun Aventure an Hoffnung begéinen...[29]

b)

2: Sou, stopp. Wonnerbar witzeg, hahaha, Amerikaner si peinlech. Komm zum Punkt.
1: Dat ass jo nach méi schlemm wéi an der Chamber.
McCarthy: Mir hunn awer elo hei nach 2 Stonnen an 20 Minutten Rieden am K wou et sou weidergeet.[30]
2: Oh Gott.
3: Lies einfach aus dem zukünftegen Gesetz fir:
McCarthy: Ehm, okay. Also: En US-amerikaneschen Bierger, dee kommerziellen Ofbau vun Weltraum-Resourcen oder Resourcen vun engem Asteroid bedreift, huet d'Recht op d'Exploitatioun an op de Besetz, op Transport, op de Gebrauch an op de Verkaf vun dese Resourcen am Aklang mat den an den Vereengeten Saten applizéierte Gesetzer.[31]
(1, 2 an 3 stinn op an applaudéieren)
1: Geet dach! Bravo. An dat sou einfach trotz internationale Conventiounen. Genial![32]
2: Dat ass déi gréissten Unerkennung vu Privatbesetzrechter an der Geschicht vun der Menschheet.[33]
1: Ween als éischt do ass, hëllt souvill wéi en droe kann.
2: Ween net fléie kann, hat Pech.
3: An mir wesse jo all, ween als éischt do si wäert. Oh, entschellegt léiwe Public, mir hunn eis nach guer net virgestallt.

<u>Szeen 3)</u>

a)

Moderatrice *(kennt ran):* Tadaaa: D'Welt sicht: Déi egoisteschst, gréissewahnsinnegst a rücksiichtslosest Firmen vun der Welt - hei am Duell em déi peinlechsten Art-a-Weis sech de Weltraum ennert den Nol ze räissen.[34]
Éischt Kategorie: Är Nimm w.e.g.
1: SpaceX
2: SpaceX?
1: Ma fir "Space Exploration"[35]
2: Zimmlech lächerlech. Meng Firma heescht: "Deep Space Industries"[36]
3: Meng Firma heescht *(räuspert sech)* Planetary Resources.[37]
Moderatrice: Beandrockend, kreativ, fancy. Ween huet sech dann sou ee Blödsinn ausgeduecht. Zweet Kategorie: Wéi eng Intebinnien stinn dann hannert äre Firmen?
1: Hannert "SpaceX" steet den Elon Musk, deen "PayPal" matgegrennt huet an och den Besetzer vun TESLA ass. Mat engem geschate Privatbesetz vun 13,7 Milliarden ass hien een vun den 100

---

29 D'Ried vum Kevin McCarthy: https://www.youtube.com/watch?v=wfAR5BqOW8w
30 https://www.youtube.com/watch?v=mq_BIfHA2MY
31 D'US-Gesetz: https://www.congress.gov/bill/114th-congress/house-bill/2262/text
32 „Who owns space" https://theconversation.com/who-owns-space-us-asteroid-mining-act-is-dangerous-and-potentially-illegal-51073
33 http://www.planetaryresources.com/2015/11/planetary-resources-applauds-u-s-congress-in-recognizing-asteroid-resource-property-rights/
34 http://www.regblog.org/2015/12/31/rathz-space-commerce-regulation/ https://newrepublic.com/article/117815/space-mining-will-not-solve-earths-conflict-over-natural-resources
35 http://www.spacex.com/
36 http://deepspaceindustries.com/
37 http://www.planetaryresources.com/#home-intro

räichste Menschen vun der Welt.[38]
2: Pfff. Hanner "Deep Space Industries" steet den Rick Tumlinson, zanter der Reagan-Ära ee vun deenen aflossräichte Leit am Weltraum-Business.[39] Mir hunn d'Hallschent vun eisem Personal direkt vun der NASA[40] a loossen eis och bal alles vun der NASA bezuelen.[41]
3: Pah, mir hunn och lauter Leit direkt vun der NASA geschuppt. Awer hannert "Planetary Resources" steet den "Virgin Group"-Grenner Richard Branson, d'Google-Chefe Larry Page an Eric Schmidt an den "Titanic"- Filmregisseur James Cameron.[42] Ausserdeem gehéiert Google och een Deel vun Space X.[43]
2: Mir hunn och een Deal mat Space X.[44]
Moderatrice: Mat op der Lescht hunn ech hei och nach den Amazon- Jeff, ehm, Chef Bezos, drëtt-räichste Mensch op der Welt a seng Weltraum-Firma "Blue Origin".[45]
(1, 2 an 3 sinn irritéiert a liicht besuergt) A "Microsoft" huet och eppes ugekennegt?[46] *(1, 2 an 3 man sech leschteg a wenken of)* Soit. Räich Leit probéieren nach méi räich ze ginn, De Gruew tescht Aarm a Räich, blablabla... Wellt der de Leit dann elo är Videoe weisen?
3: Als éischt de Video vu "Planetary Resources"...[47]
(Video gett ofgespill)
2: *(ennerbrécht de Video)* Stopp, stopp, stopp, dat ass dach Kabes. Spillt mäi Video, de Video vun "Deep Space Industries".[48]
(Video gett ofgespill)
1: *(ennerbrécht de Video)* Lächerlech. Den "SpaceX"-Video w.e.g.
(Am SpaceX-Video ass e Fehlstart ze gesinn)[49]
Stopp, mega onfair, dat wor guer net de Video, deen ech gemengt hunn.
2: Uh, do ass wuel schonn nees eppes schief gaangen, geschitt jo méi dax bei "SpaceX".[50] De Schued fir d'Emwelt gëtt jo nees duerch Elektro-Autoen vun ärem Chef wettgemaach.
3: Wor dat do déi Explosioun vum 1. September dest Joer?
2: Ah merde, wor op deser Rakéit net dee Satelitt fir Facebook drop, gesamtwäert iwwer 150 Milliounen?[51]
3: Moment, wor dat net déi nämlecht Rakéit, mat däer ech meng Zeenen an de Weltraum schéisse wollt?[52]
2: Wann dat sou weidergeet, brauche mer een neien Hobby.
1: Roueg. Dat wor eng Anomalie[53], Punkt. Ausserdeem gett dat net onbedingt deier, déi leschte Kéier huet d'NASA de Schued un der Landebunn bezuelt.[54] Wier jo nach besser, wa lo eis Multimilliardären dofir opkomme missten.
Moderatrice: Roueg. Dat woren also d'Videoen, direkt vu Star Trek, Star Wars oder Starbucks kopéiert. Dann eng véiert Kategorie: Visionär Spréch. Muss dat wierklech sinn?
3: "Eis Visioun ass eng Wirtschaft ouni Grenzen"[55]

---

38 http://www.zeit.de/2009/02/DOS-Raketenmann/komplettansicht
39 http://www.ricktumlinson.com/
40 http://deepspaceindustries.com/team/
41 http://deepspaceindustries.com/nasa-selects-deep-space-for-two-asteroid-contracts/
42 http://www.space.com/15395-asteroid-mining-planetary-resources.html
http://www.planetaryresources.com/company/#company-intro
43 http://www.fool.com/investing/general/2016/02/14/why-did-google-invest-1-billion-in-spacex.aspx
44 http://spacenews.com/deep-space-industries-unveils-first-asteroid-prospecting-spacecraft/
45 https://www.blueorigin.com/
46 http://www.theregister.co.uk/2016/04/01/microsoft_trademarks_mune_hints_at_rocket_program/
47 https://www.youtube.com/watch?v=7fYYPN0BdBw
48 https://www.youtube.com/watch?v=pIY_fmvFDhM
49 https://www.youtube.com/watch?v=-GnJQT5KjI8
50 http://deepspaceindustries.com/deep-space-industries-shares-its-sympathies-after-the-spacex-falcon-9-launch-failure/
51 http://www.spiegel.de/wissenschaft/weltall/spacex-was-das-unglueck-fuer-die-us-raketenbauer-bedeutet-a-1110669.html
52 http://www.forbes.com/sites/alexknapp/2016/05/27/asteroid-mining-company-planetary-resources-raises-21-million-for-earth-observation/
53 https://twitter.com/spacex/status/771357538738577408?lang=de
54 http://www.popularmechanics.com/space/rockets/news/a22674/who-pays-for-spacexs-spaceport-calamity/
55 http://www.planetaryresources.com/company/#company-intro

2: "Eis Welt stéisst un hir Limiten - an trotzdeem welle mir all méi"[56]
3: "Deen éischte Billionär op der Welt wäert déi Persoun mat der éischter Minn op engem Asteroid sinn" [57]
1: Ech hu mol e puer Sprech vum Elon Musk rausgeschriwwen, wellt der déi héiere, wou en driwwer schwätzt, dass sech Menschen Computer an d'Gehier transplantéiere sollen, fir net zu Hausdéieren ze degeneréieren?[58] Oder dass et eis Firma si wäert, déi als éischt Menschen op de Mars schéckt an dann och déi politesch Spillreegelen um Mars festleet?[59]
Moderatrice: Stopp, et geet duer lo, 't ass jo gutt. Dir sidd all mega iwwerzeegend, mega cool an hipp an innovativ. *(Houscht)* Kapitalistesch Drecksäk *(Houscht).* Bon, ech géif soe: Gläichstand. Dir sidd all d'nämlecht "evil".
Dat netzt iech allerdéngs net fuerchtbar vill, wann der d'Kapital net opgedriwwe kritt, well an deem Gesetz hei lo ausdrécklech just vun US-Bierger, US-Firmen an US-Besetz geschwat gett. Ausserdeem sidd dir der Kontroll vun den US-Behörden ennerworf, an do ass net ëmmer jidderee keeflech, deen iech op d'Fangere kuckt. Déi wäerten all eenzel Missioun préifen.[60] Dat Gesetz dat dann iergendwann a Kraaft trëtt ass awer net sou flexibel, gell? Vill Spaass. *(geet vun der Bühn)*

b)

1: Wat méngt hatt domat?
2: Dat d'USA awer net sou gutt wier, fir eis Weltraum-Experimenter ofsehnen ze loossen?
1: Merde, wat maache mer. Loosse mer de Plang falen? Musse mer lo awer an d'Krieps-Fuerschung investéieren?
3: Op kee Fall. Dat US-Gesetz gett lo ausgeschafft an da kucke mer mol genee, wéi et implementéiert gi soll.[61] A mir sichen eis einfach nach ee gudde Plang B
2: Vläicht éischter een neien Plang A, et muss ee flexibel bleiwen.
3: Zeréck un d'Kartei.
2: Okay, wéi eng Méiglechkeete gëtt et da global, wann een en eegent Gesetz an eng Regierung brauch, déi einfach brav dat ennerschreift, wat hinnen virgeluecht gëtt.
3: Hm, mol iwwerleeen... Sou wéis du dat beschreifs, misst dat sou ee richtegt "hannerhältegt Stéck Schaiss sinn"
1: Lëtzebuerg
2: Hä? Nee, mir brauchen schonn e richtegt Land...
1: Dat ass ee Land. An Landesgrenzen sinn bekanntlech de beschten Schutz fir Investitiounen.
3: Nach ni vu Letzebuerg héieren.
1: Letzebuerg, dat ass ee Land an Europa.
2: Pff, Europa.
3: Sozialstandarten, Emweltstandarten, do loosse mer léiwer d'Fangeren dervunner.
1: Ma da waard, gitt Letzebuerg dach mol eng Chance. Hei ass en Artikel iwwert Stéierrulingen zu Letzebuerg, do hunn Konzerner wéi IKEA hier eege Steiergesetzer geschriwwen an ofgestempelt krut. Gesetzer ofstempelen ass hiere neie Geschäftsmodell.
2: Hei gett et sou ee Video vun enger Agence, déi sech "Luxembourg for Business" nennt, si soen, dass d'Weeer bei Politik kuerz sinn an dass d'Land politesch stabil ass. Dat ass mol direkt an éierlech formuléiert.
1: Also, et bezillt ee keng Steieren an et kontrolléiert dech keen, well sou ee Mini-Land einfach net genuch qualifizéiert Personal dofir hätt.
2: Lëtzebuerg ass perfekt fir eis.
3: Déi maache bei sou eppes dach net mat. Wat hätte mir deem Land dann ze bidden?

---

56 Aus dem Deep Space Industries Video
57 http://fortune.com/2016/02/26/asteroid-mining-rights/
58 http://www.robotics.news/2016-06-20-elon-musk-suggests-people-of-the-future-will-need-brain-transplants-to-compete-with-evolved-artificial-intelligence.html
59 http://www.recode.net/2016/6/3/11852148/elon-musk-mars-government-direct-democracy
60 http://www.nasa.gov/pdf/289016main_Space%20Act%20Agreements%20Guide%202008.pdf
61 http://spacenews.com/u-s-commercial-space-acts-treaty-compliance-may-depend-on-implementation/

2: Ma: Si däerfen fir de Schued opkommen, wann bei eise Reesen do uewen eppes schief geet. Steet sou am "Outer Space Treaty".
1: Haha, stëmmt.
2: Also fir eng handvoll Aarbechtsplazen an ee besse gutt Press verkeeft dee Witz-Stat gären seng Souveränitéit. Et muss een hinnen dat just gutt genuch verkafen.
1: Okay, dann schécke mer eng Persoun dohin, déi dat an d'Weeër leed.
3: Ech hunn de Richtegen fir des Missioun, dir hat alleguer scho mat him ze dinn.

c)

(den Simon Pete Worden kennt mat enger Darth Vader Mask op d'Bühn)

Ech däerf virstellen, den Simon "Pete" Worden, 67 Joer al.

Den Worden wor ee ranghéigen US-Militär, huet d'Department of Defense Satellites kommandéiert an am "Executive Office" vum George Bush senior gedéngt.[62] Iwwert seng Zäit an der Arméi seet hie selwer, hien wier deen zweeträichste Generol nom Gaddafi gewiecht, well en all Joer 2 Milliarde Budget hat.[63] [64]

Zanter 2006 ass hien dann elo Chef vum AMES-Center, dem wichtegsten NASA Recherche Zentrum. Hien huet sech haaptsächlech doduerch ausgezeechent, dass hien d'Privatiséierung vun der Weltraumfahrt virugedriwwen huet,[65] [66] an den Public-Private-Partnership tescht der NASA a Google opgebaut huet. [67]Ennert senger Direktioun huet d'NASA dann och intensiv ugefaange mat Space X zesummenzeschaffen[68] an huet déi private Entreprise Deep Space Industries um NASA-Kampus entstoe gelooss. [69]

Brenzleg ass et du ginn, wéi Fuerderunge vu Politiker haart gi sinn, Enqueten géint den Simon Pete Worden wéinst Geheimnisverrot opzehuelen[70] - net just well NASA-Daten an Informatiounen u Google a weider Firme gefloss sinn, mä well militäresch relevant Informatioune schlussendlech bei de Chinese geland wieren.[71]

1: Okay, a firwat stécht en an engem Darth Vader Kostüm?[72]
2: Ma du kenns de Pete jo, deen ass och mol op Virträg an op senger Aarbechtsplaz an diversen Kostümer unzetreffen an huet eng Virléift, sech als Darth Vader oder als Wikinger ze verkleeden - wat och scho mol Géigestand vun enger Enquete géint hie wor.[73]
3: Lo brauche mer just nach dee richtegen Uspriechpartner zu Letzebuerg, deen bereet ass, eis de Weltraum ze verkafen.

Szeen 4

a)

---

62 http://www.nss.org/about/bios/worden.html
63 http://spacenews.com/pete-worden-leaving-nasa-to-pursue-private-sector-dreams/
64 Deelweis mat kranke Fuerderungen, wéi zB. Dem Virschlag noom 11. September en systemateschen Propaganda-Krich iwwer auslännesch Medien ze féieren http://science.sciencemag.org/content/315/5810/321.full
65 http://spacenews.com/editorial-a-space-maverick-quietly-departs-nasa/
66 http://history.arc.nasa.gov/hist_pdfs/bugos_nasa_sp2014_4314.pdf
67 http://www.nytimes.com/2007/09/12/business/worldbusiness/12iht-google.4.7484564.html http://www.nasa.gov/home/hqnews/2006/dec/HQ_06371_Ames_Google.html
68 http://www.nasa.gov/mission_pages/station/structure/launch/spacex.html
69 Anwéifern hien perséinlech dofir gesuergt huet ass onkloer, et ass awer an der Zäit geschitt, wou hien Direkter vum AMES wor.
70 http://aviationweek.com/awin/gop-chairmen-go-after-pete-worden
71 http://spacenews.com/33704nasa%E2%80%82center-director-decries-inaccuracies-in-itar-allegations/
72 http://www.mv-voice.com/news/2015/03/12/nasa-ames-director-retires
73 http://www.vikingsofbjornstad.com/NASA_Ames.htm

(Worden a Schneider setzen sech um Desch vis-a-vis)

Worden: Här Etienne Schneider, Merci dat der Zäit fonnt hutt.
Schneider: *(lauschter net richteg no)* Jo.
Worden: Schéin, dass Är Wirtschaftsdelegatioun et bis hei a Kalifornien gepackt huet, an dass der d'NASA besiche komm sidd.[74]
Schneider: Hutt dir nach Wäin an ärer Fläsch?
Worden: Ehm, jo sécher. Här Schneider, et geet jo em déi Resourcen aus dem Weltraum, iwwer déi mer schwätze wollten. Ech hat iech deemols 2013 schonn dovunner erzielt,[75] dee Moment wor nach déi Madame dobäi...
Schneider: Ajo, ech erennere mech, d'Martine Hansen[76]. Déi huet domm gekuckt, wou se op ee mol net méi an der Regierung wor, haha.
Worden: Offiziell ass et deemols jo em d'Recherche vun der NASA[77] an em en Austauschprogramm fir Studéierender gaangen, awer...
Schneider: Wessenschaft interesséiert mech net. Merci fir d'Iessen, ech muss lo awer lass.
Worden: Här Schneider, d'Wessenschaft wor dach guer net d'Thema, och dese Meeting hei a Kalifornien dréit jo just den Deckmantel vun der Wessenschaft. Dat ass gutt fir d'Press an am Numm vun der Wessenschaft kann e jo och emmer vill Suen ofzweigen, dir verstitt...
Schneider: Asou, jo...
Worden: Mee dir hutt vläit Bedenken, well Asteroiden jo beim Space-Mining net méi wessenschaftlech ennersicht gi géifen, mä einfach just nach als Resource...
Schneider: D'ass mer u sech egal.
Worden: Oder wann et aner Bedenke géif ginn, zum Beispill wat Emweltprobleemer ugeet, bzw. de Fait, dass mer do uewen einfach mol drop lassgruewe géifen an de Weltraum duerchenee bréngen...
Schneider: Also Emweltprobleemer hat ech nach ni...
Worden: Oder wann der lo ethesch Bedenken hätt, well mer jo tatsächlech privat Firmen de Weltraum kolonialiséiere loossen an hei vu Lëtzebuerg aus Entscheedungen treffen, déi eventuell d'Geschicht vun der Mënschheet iwwer déi näechst Joerhonnerten...
Schneider: Ethik ass eppes fir d'Kanner an der Schoul.
Worden: Oder wann der iech lo frot, wat geschitt wann zwou verschidde Firmen dee nämlechten Asteroid ausbeute wellen...
Schneider: Asou, jojo...
Worden: Oder wéinst der sozialer Gerechtegkeet, well jo tatsächlech hei Resourcen just Superräichen zougänglech gemaach gi wäerten, den economeschen Impakt och just deenen Supperräichen zugutt géif kommen, an déi reguléiert Resourcen-Viabilitéit op der Äerd zesummebrieche kéint...
Schneider: Hahaha, sozial Gerechtegkeet. Gesinn ech sou aus, wéi wann ech bei de Sozialiste wier?
Worden: Sidd dir net an der LSAP?
Schneider: Majo eben!
Worden: Ma deenen kéint een einfach soen, dass eppes fir déi ausgebeuten Minenaarbechter an aarme Länner gemaach gett. An zwar mussen déi net méi op d'Schaff, well jo d'Konkurrenz...
Schneider: Sou, et ass scho spéit, ech muss de Guillaume an d'Stephanie nach an d'Bett bréngen.

b)

---

74 http://www.wort.lu/en/business/economic-mission-us-mission-yields-promising-contacts-for-luxembourg-537a1128b9b3988708027637
http://www.gouvernement.lu/3730438/19-schneider
75 http://www.innovation.public.lu/en/actualites/2013/09/ames/index.html
76 http://www.wort.lu/en/luxembourg/nasa-research-centre-and-luxembourg-join-forces-51fb91cee4b0d339ca5ed364
77 http://www.spacecluster.lu/News/NASA%E2%80%99s-Ames-Research-Center-meets-Luxembourg%E2%80%99s-space-sector

Worden: *(Geet voll an d'Offensiv)* Kuckt, dat ass dach grad Äre Probleem. E Mann vun ärem Charakter a mat Ärem Duerchbléck versauert dach an engem Provenz-Nascht. Dobäi kéint dir zu deene ganz Groussen gehéieren. Dir géift net méi mam Gerard Lopez verwiesselt ginn - mä hien mat iech! Dir kéint wierklech en Impakt op internationalem Plang hunn!
Schneider: Majo, ech schrauwe jo scho ganz fläisseg u menger Karriere fir no der Regierungszäit...
Worden: Firwat soulaang waarden? Dir kéint elo schonn dozou gehéieren. Ennert deene Mächtegen an der Welt ass d'Exploratioun vum Weltall grad dat ugesotestenst Hobby.[78] Jiddereen, deen eppes op sech hält, huet säin eegene Weltraumprogramm. Gutt, dir hutt lo keng Firma, mä dir hutt ee Land. Dat ass jo scho mol en Ufank.
Schneider: Ass dat sou?
Worden: Ech wäert iech e puer Leit virstellen, aflossräich a räich Leit. Den Larry Page,[79] an den Elon Musk. Den Elon Musk kéint der duerno en plus op Letzebuerg invitéieren.[80] Dat géif sech gutt op Ärer Twitter-Timeline maachen.[81]
Schneider: Also wann den Elon Musk op Lëtzebuerg kennt, dann freet sech awer och de Bettel iwwert eng Photo fir op Twitter...[82]
Worden: Genee. An dee kennt souguer bei deene Grénge gutt un.[83] Déi ignoréieren dann einfach fir ee Moment, dass de Musk mat sengem Weltraumprogramm net just d'Äerd-Emlaf-Bunn mä och mat héichgefteg Treibstoffer an nuklear Energiesysteemer de Weltraum verschmotze wäert.
Schneider: Dat ass jo mell, do mécht déi ganz Regierung mat!
Worden: Dir hutt just Virdeeler, gutt Press, schéi Photoen, ee gudden Boost fir ären Image. Eng gutt Oflenkung vun äre klengen Imageprobleemer matt der Finanzplaz. Wann der iech ee bësse klever ustellt, kéint dir et de Leit och als Diversifikatiounsstrategie ënnerjubelen.
Schneider: Här Worden...
Worden: Nennt mech "Pete"
Schneider: Pete - Ech si ganz interesséiert.
Worden: Freet mech, dat ze héieren. Bon, an iergendwann wäerten dann e puer Leit op iech zoukommen, an iech em e klenge Gefalen bieden, e puer kleng Gesetzer, déi ennerschriwwe gi missten, näischt Besonneges, keng grouss Affaire.
Schneider: Mir maache Leit mat vill Sue gären e Gefalen, Gaaschtfrendschaft ass Traditioun bei eis zu Letzebuerg.

c)
Worden: Dann steet jo näischt méi am Wee *(Steet op en streckt dem Schneider d'Hand aus)*. Schlot an, an mir hunn een Deal.
Schneider: Dat kléngt alles mega gutt. *(Zögert kuerz)* An do ass keen Hoken dobäi?
Worden: Ma nee, kuckt. Wann ee Fëscher an internationalen Gewässer Fësch fänkt, dann gehéiert him zwar net den Ozean, mee dofir awer d'Fësch.
Schneider: Asou. Ehm.
Worden: Mat deem Sproch kritt och dir d'Leit iwwerzeegt.
Schneider: Ech hat bis elo emmer deen hei: Wann een engem Mënsch e Fësch gëtt, huet en deen Mensch een Dag z'iessen. Awer wann een deem Mënsch de Fësch verkeeft, dann huet een selwer och nach eppes dovunner.
Worden: Ech gesi, mir verstinn eis. Déi ganz Welt wäert Ären visionären Innovatiounsgeescht bewonneren. An tëschenduerch muss u sech just ee klengt Gesetz gestëmmt ginn, soss näischt.
Schneider: Mir hunn en Deal.

(Schneider schleit an - d'Luucht geet aus, den Worden verschwennt)

---

78 http://www.space.com/15419-asteroid-mining-billionaires-private-spaceflight.html
79 http://fortune.com/2016/02/03/luxembourg-mine-asteroid-larry-page/
80 http://paperjam.lu/news/le-luxembourg-na-dyeux-que-pour-elon-musk
81 https://twitter.com/etienneschneide/status/646631963340750850
82 https://twitter.com/Xavier_Bettel/status/646649564011864064/photo/1
83 https://twitter.com/ClaudeTurmes/status/646655962879758337

Szeen 5

a)

Schneider: Firwat ass d'Luucht aus, ah, ech gesi näischt, wat ass geschitt. Maach mol een déi Luucht un....
Beamten 1: *(Luucht geet un)* Här Minister, alles okay?
Schneider: Wou sinn ech?
Beamten 1: Ma am Wirtschaftministère, um Boulevard Royal. Dir sidd wuel ageschlof gewiecht?
Schneider: *(huet net richteg nogelauschtert)* Ech hu keng Zäit fir ze schlofen. Ech muss de Weltraum erueweren.
Beamten 1: Oh Gott... Här Minister, ehm... dat ass jo alles wonnerbar. Mä déi aus dem Verdeedegungsministère hunn ugeruff. Bei deenen géif sech permanent d'NATO mellen, well dir op iergendengem Sommet versprach hätt, mir géifen lo méi Suen an d'Rüstung stiechen.[84] Do wor eng Lëscht dobäi, mer kéinten nei Panzeren...
Schneider: Mir brauche Rakéiten. Opwuel, mir lounen déi bei Space X.
Beamten 1: Bon, dat gett lo ee besse méi schwiereg. Fliigeren wieren allerdéngs och ze hunn. Soll ech soen, dass mer e puer Fliigeren kafe géifen?[85]
Schneider: Fliigeren ginn net duer, mir mussen an de Weltraum. Dat ass d'Zukunft. Dat ass dat, wat déi Grouss interesséiert. Wien als lescht am Weltraum ass huet verluer!
Beamten 1: Puh... Oh, ech hunn eng Iddi, wéi wier et mat engem Militärsateltitt?
Schneider: *(op ee mol aus sengem Rausch raus, opmierksam)* E Militärsatelitt?[86]
Beamten 1: Majo, domat kann een dann Drone lenken an Talibanen iwwerwaachen[87]. Nëtzt eis net vill, mä mer kéinten Servicer vum Satelitt un aner Länner verkafen, déi sech dann domat amuséiere kéinten.[88]
Schneider: *(Huet sech komplett berouegt)* E Militärsatelitt. Genial. Bestell sou e Satelitt. Nenn en "Gov-Sat"[89], dat klengt hipp.
Beamten 1: Ehm. "Gov-Sat". Ass gebongt.[90]
Schneider: An du musst jo net dobaussen ronderem erzielen, dass een domadder Dronen steiere kéint.
Beamten 1: Okay *(well goen)*
Schneider: E Moment nach.
Beamten 1: Jo?
Schneider: Kuck, dass mer do een Deal mat SES kréien[91], an zwar een, bei deem och SpaceX mat u Bord ass a matverdéngt. Mir brauchen onbedingt een Deal mat Space X, all Mensch huet een Deal mat Space X.[92]
Beamten 1: SpaceX? Sinn dat net déi mat der Rakéit, déi grad...
Schneider: Maach dat einfach. A schéck mer meng Beroder eran.

(Beamten 1 verléisst de Raum)

---

84 http://www.wort.lu/de/politik/luxemburgische-armee-militaerausgaben-werden-erhoeht-5416d5a2b9b39887080653b1
85 http://www.lessentiel.lu/de/luxemburg/story/27828026
86 http://www.wort.lu/en/politics/nato-luxembourg-in-talks-to-launch-military-satellite-53d0e562b9b398870804a0af
87 http://www.wort.lu/de/politik/piratenpartei-kritisiert-steuert-militaer-satellit-auch-drohnen-53d0b001b9b398870804a066
88 http://spacenews.com/41355military-space-quarterly-ses-luxembourg-near-deal-to-provide-satellite/
89 http://www.ses.com/22377073/GovSat
90 http://www.cc.lu/uploads/tx_userccavis/4326_Satellite_militaire_PL_4326FMI.pdf
91 http://www.wort.lu/de/politik/militaersatellit-govsat-ende-2017-auf-orbit-548977640c88b46a8ce4675e
http://www.ses.com/4233325/news/2015/20494098
92 http://www.spacex.com/press/2012/12/19/ses-and-spacex-announce-contract-three-satellite-launches

Schneider: E Militärsatelitt ass eng flott Saach. Ee gudden Ufank, mä ech muss weidermaachen, ech muss méi wäit goen. Allez, denk no Etienne, wat géif den Rifkin maachen. Keng Ahnung wat de Rifkin maache géif, ech hunn deem säi Buch net verstaan. Merde.

b)

(Beamten 2 an 3 kommen op d'Bühn)

Beamten 2: Dir hutt geruff, Här Minister?
Schneider: Leit, ech brauch elo een eegene Weltraumprogramm. Also, Letzebuerg brauch elo een eegene Weltraumprogramm. Soss gehéieren ech, ehm mir, net dozou. Also strengt iech mol un.
Beamten 3: Ee Weltraumprogramm?
Beamten 2: Dir mengt, mir sollen méi Suen an d'ESA, déi europäesch Weltraumorganisatioun stiechen?[93]
Beamten 3: Bon, déi hu grad verschidden Programmer, vun der Erfuerschung vu schwaarze Lächer, da gett et e Mars-Programm mat enger Explorationns-missioun an da ganz vill Projeten, fir méi iwwert d'Klima op der Äerd gewuer ze ginn...
Schneider: Dat ass dach alles Blödsinn. Letzebuerg brauch eppes Eegenes, eppes grousses!
Beamten 2: Mir setzen bei SES mat am Boot.[94]
Schneider: Space Mining. Scho jemols eppes dovunner héieren? Natirlech net, dir sidd jo aus der Provenz.
Beamten 3: Här Schneider, de Weltraum ass een neutralt Gebitt, wat der ganzer Menschheet gehéiert a just mat Benefice vun der Menschheet exploréiert gi kann.
Schneider: Papperlapapp. Wann ee Fëscher am internationalen Gewässer ee Fesch fänkt...
Beamten 3: Dann gëllen fir de Fëscher international ausgehandelt Fescherei-Reegelen souwéi dat sougenanntent internationalt ëffentlicht Seerecht.[95]
(Pause - den Schneider kuckt den Beamten 3 entsat un).
Schneider: Jo mee wann de Fesch jo bis um Scheff ass...
Beamten 3: De Verglach kann een dach guer net man. Bestëmmte Fesch-Zorten gellen als nowuessend Resourcen, anerer sinn geschützt an däerfen guer net gefëscht ginn.[96] De richtege Verglach wieren d'Resourcen um Mieresbuedem an internationale Gewässer,[97] an déi si geschützt, vun enger internationaler, öffentlecher Behörd verwalt a gehéieren der gesamter Menschheet.[98]
Schneider: *(laang Paus)* Soit. Mir man lo eng Space-Mining-Initiative. Also éischt brauche mer e Numm dofir. Eppes peppeges, hippes, cooles.
Beamten 2: Soueppes heescht zum Beispill Deep Space Industries oder Planetary Recources.
Schneider: Ma dann nenne mir eis Initiative einfach Space Resources. Voila.[99] *(Den Schneider deet sech em fir d'Pressekonferenz)*
Beamten 2: Brilliant, Här Minister.
Schneider: Kuck mol op déi Domain nach fräi ass.
Beamten 3: D'Domain spaceresources.lu ass nach fräi. Ech reservéieren se mol.
Schneider: Zousätzlech zur Internetsäit brauche mer e Logo[100], en Twitter-Account[101], e Facebook-Account[102]...
Beamten 2: Direkt, Här Minister.

---

93 http://www.esa.int/About_Us/Welcome_to_ESA/Luxembourg_strengthens_its_ties_with_ESA
94 http://www.ses.com/shareholders
95 http://www.un.org/depts/los/convention_agreements/texts/unclos/unclos_e.pdf
96 https://www.unric.org/html/german/entwicklung/rio5/fische.htm
97 http://www.zur.nomos.de/fileadmin/zur/doc/Aufsatz_ZUR_12_02.pdf
98 „*Common Heritage of Mankind*“ *http://wealthofthecommons.org/essay/common-heritage-mankind-bold-doctrine-kept-within-strict-boundaries*
99 http://www.spaceresources.public.lu/en/index.html
100 http://www.spaceresources.public.lu/assets/img/logo.png
101 https://twitter.com/spacereslux
102 https://www.facebook.com/SpaceResources.lu/

Schneider: An mir brauchen e Video. E visionären, innovativen Video, dee weist, wéi dichteg mir sinn.
Beamten 3: Besonneg Wensch fir de Video?
Schneider: Mir brauchen e coolen Sproch, awer eppes, dat klever kléngt. Am beschten sou wéi de Rifkin. Wéi wier et mat "the next industrial Revolution"
Beamten 2: Wonnerbar, Här Minister.
Schneider: Eng déif, männlech, decidéiert Stemm aus dem Off. Op Englesch stelbstversändlech.
Beamten 3: De Video ass fäerdeg[103]
(Den Schneider klemmt op den Desch, setzt do op engem Stull wéi op engem Troun - Video gett ofgespillt)
Schneider: Gutt geschafft. Lo so mol nach een, Letzebuerg hätt keng drop. Besonneg gutt gefall huet mer déi Metapher, dass de Weltraum voll mat Resourcen ass[104]. Erenner mech un: De Besch ass voll mat Beem, d'Bierger voll mat Gold[105] an den Ozean ass voll mat Fesch. Ween fir d'éischt kennt, kritt fir d'éischt.
Beamten 2: Ech hunn eng Pressekonferenz fir iech arrangéiert, Här Minister.
Schneider: Tiptop. Déi ganz Welt wäert nokucken. Moment, mir hunn nach eppes vergiess. Mir brauchen Experten. All seriéis Weltrauminitiativ huet Experten. Wou si meng Experten? Déi keeft een normalerweis der NASA of.
Beamten 3: Ech kucke mol, ob ech nach e puer Leit fannen, déi kuerz virun der Pensionéierung stinn a sech fir e besse Cash nach eng Kéier virun d'Kameraen lackele loossen. Bei der ESA gett et sou Leit.
Schneider: Ech si prett, fir d'Pressekonferenz
(Luucht aus)

Szeen 6

a)
(Ablendungen Star-Wars-Intro)
Not a long time ago, in this galaxy...
Episode I: Den Etienne privatiséiert de Weltraum
Lëtzebuerg 3te Februar 2016. Communiqué de Presse vun der Regierung mat Zitater vun dichtege Leit.
Étienne Schneider: "Unser Ziel besteht darin, Zugang zu einer Fülle bislang unerforschter Bodenschätze auf unbelebten Felsen, die durch den Weltraum reisen, zu schaffen."
Jean-Jacques Dordain: "Diese Initiative ist ein klares Zeichen, dass Europäer innovativ sind."
Simon. P. Worden: "Die Menschheit steht vor der Ausdehnung ins Sonnensystem – und darüber hinaus."
Rick Tumlinson, CEO von Deep Space Industries: "Durch die Erschließung der Ressourcen des Weltraums wird Luxemburg dazu beitragen, die Last von den Schultern der Erde zu nehmen."
Chris Lewicki, CEO von Planetary Resources: "Wir möchten die Rolle der luxemburgischen Regierung bei der Führung der Welt durch das Schaffen dieser neuen Ressourcenindustrie loben"[106]

b)

Schneider: Ech heeschen iech wellkomm op deser Pressekonferenz, déi live um site vun der letzebuerger Regierung gestreamt gett, well vill auslännesch Journalisten nokucken. Dowéinst schwätzen ech och op englesch.

Bei mir ass den Jean-Jacques Dordain, fréieren Direkter vun der ESA, der europäescher

103 http://www.spaceresources.public.lu/en/index.html
104 Zitat aus dem Video
105 http://www.economist.com/blogs/babbage/2013/01/asteroid-mining
106 http://www.gouvernement.lu/5677888/Pressemitteilung---deutsche-Fassung.pdf

Weltraumorganisatioun.

(dramatesch Paus)

De Message vum Dag ass de folgenden.

(dramatesch Paus)

Letzebuerg ass dat éischt europäescht Land, dat seng Intentioun annoncéiert, fir d'Schafen vun engem legale Kader unzegoen, deen et privaten Operateuren erméigleche wäert am Weltraum ze schaffen an dobäi ze wessen, dat hiere Besetz vu Resourcen ofgesechert ass.

An noer Zukunft wäerte mir een attraktive Kader kreéieren, fir Investisseuren ofsecheren ze können, déi aus der Ausbeutung vun natiirlechen Resourcen aus dem Weltall hiert Geschäft maache wellen.

Graff zesummegefaasst ass des Situatioun vergläichbar mat de Rechter vun engem Fescherboot op internationale Gewässer. De Fescher gehéiert de Fesch, dee si fänken - hinnen gehéiert awer net den Ozean.

Ech ginn d'Wuert weider un den Jean-Jacques Dourdain, dee vun elo un mat eis zesummeschaffe wäert. W.e.g. Jean-Jacques.

Dordain: Déi Iddi fir Resourcen aus dem Weltall ze sammelen ass net nei. De Jules Verne hat déi Iddi schonn a schreiwt vun hier a sengem Buch "la chasse au météore".

Et ass Zäit ginn, dass déi éischt Initiative aus Europa kennt, an ech si frou dass des éischt Initiative aus Letzebuerg kennt. Letzebuerg huet d'reputatioun vun engem gudde Vermettler. An wou den Minister Schneider involvéiert ass, ass de Succes net wäit ewech.

Ech ennerstetzen des Initiative, well et lo keng excusen méi fir euopäesch Investisseuren gett a Kalifornien ze goen. Ech mengen, dass et eng Plaz an europa gett, déi Letzebuerg heescht, wou Investisseuren déi richteg Strukturen an déi richteg Regulatiounen fir ze investéieren fannen.[107]

c)

Schneider: Voila, d'Pressekonferenz ass riwwer, Merci Jean Jacques *(den Dordain geet vun der Bühn, den Schneider rifft seng Mataarbechter*innen)*
An? Wéi wor ech?
*(Mataarbechter*inne komme mat Zäitungen ran, Schneider lauschtert sech d'Beriichter grinsend un)*
Beamten 1: Dir wort supper, Här Minister.
Beamten 2: Grandios.
Schneider: Är Meenung interesséiert mech net, wat schreiwen d'Zeitungen?
Beamten 1: D'Luxemburger Wort heroiséiert direkt dat ganzt Land - en plus ob englesch: "No longer science fiction - Luxembourg's conquest for space materials" an "A world's first, the Grand Duchy is expected to work with SES, two US companies and financiers to pull off the crazy coup, which will see Luxembourg become a major global player in space resources."[108]
Beamten 2: Och den L'essentiel schreift iwwer eis groussarteg Weltraumnatioun: "Luxemburg will seine Aktivitäten im Weltraum erweitern. Das Großherzogtum will die Rohstoffe auf Asteroiden nicht länger ungenutzt lassen. Das Wirtschaftsministerium arbeitet bereits an der

107 Zitater aus der Pressekonferenz: https://www.gouvernement.lu/5668002/03-schneider-cdp
108 http://www.wort.lu/en/business/asteroid-mining-project-luxembourg-hits-on-goldmine-in-space-56b0dde90da165c55dc524af

Gewinnung der Ressourcen."[109]
Beamten 1: Wéi, maache mir dat lo selwer?
Beamten 3: Ma nee.
Beamten 1: D'Tageblatt schreift: Neben einer juristischen Basis will man auch Projekte finanziell Unterstützen. Dabei geht es um die notwendigen Technologien für den Abbau von Rohstoffen im All, kurz R&D.[110]
Beamten 3: D'Ofkierzung R&D steet fir zwar net fir den Ofbau vun Rohstoffer mä fir "Research and Development"... Souvill Innovatioun ass dann wuel och fir d'Tageblatt nei.
Schneider: An wéi kléngen ech an den Interviewen?
Beamten 2: Zitat aus dem Paperjam: «Les propositions de modifications législatives devraient arriver d'ici trois ou quatre mois», estime le ministre qui juge que le texte final «ne devra pas seulement profiter au Luxembourg, mais aussi à l'ensemble de l'humanité».[111]
Beamten 3: *(kuckt op d'Auer)* 3 bis 4 Méint? Dann si mer awer lo schonn 3 bis 4 Méint hannendran...
Beamten 1: Am beschten kléngt dir zwar am Quotidien, Här Minister. "Le Luxembourg prend plus de place dans l'espace que sur Terre", dest Zitat vun iech ass den Titel vum Artikel. Uh, an hei hudd der et den Amerikaner awer sou richteg ginn: "Il faut que quelqu'un prenne le lead et, surtout, éviter que les Américains ne monopolisent ce marché."[112]
Schneider: International Press?
Beamten 2: International gett et tatsächlech Zäitungen, déi mengen en Hoken bei der Saach fonnt ze hunn, de legalen Aspekt gett vill kommentéiert, an der Sueddeutschen [113]zB. an am Guardian[114]. An der Financial Times gitt dir belächelt fir Ärt Zitat, dass der guer net drop waarde könnt, fir och an de Vereenten Natiounen eng Diskussioun unzefänken fir den Outer Space Treaty z'ersetzen.[115]
Schneider: *(Bessi verwirrt)* Mä wéi kann dat sinn, huet da keen mäi Beispill mam Fesch opgegraff?
Beamten 2: Dach, den Republicain Lorrain...[116]
Beamten 1: Och de Jeudi[117], an den Trierischen Volksfreund.[118]
Beamten 2: An d'BBC[119]. Déi hunn et bestemmt vu Reuters, déi dat Beispill och onkommentéiert widderhuelen.[120] Souguer den 100komma7 bréngt dat Beispill eent zu eent an hannerfreet et net.[121] [122] [123]
Beamten 2: Oh, an hei ass ee kriteschen Artikel...
Beamten 1: Ech hunn hei och mol d'letzebuerger Land besuergt[124]...
Schneider: Kritik? Stopp, Schluss domat. *(Beamten verloossen fluchtaarteg d'Bühn)* Ween dat hei lo kritiséiert, wéist just, dat en näischt aneschtes ass, wéi e Bauer, ee Provinziellen, een aus dem Éisleck. Dat sinn alles keng Visionären, mee Steinzeit-Menschen. Ech hunn et allen gewisen.

d)

---

109 http://www.lessentiel.lu/de/news/story/16971334
110 http://www.tageblatt.lu/nachrichten/story/Unser-Ziel-sind-die-Brocken-23863583
111 http://paperjam.lu/news/le-luxembourg-en-pionnier-de-lexploitation-spatiale
112 http://www.lequotidien.lu/politique-et-societe/schneider-le-luxembourg-prend-plus-de-place-dans-lespace-que-sur-terre/
113 http://www.sueddeutsche.de/wissen/weltraum-truegerische-asteroiden-1.2850421
114 https://www.theguardian.com/business/2016/feb/06/asteroid-mining-space-minerals-legal-issues
115 https://www.ft.com/content/e8e95cf8-12a6-11e6-91da-096d89bd2173#axzz4JHk7VwJy
116 http://www.republicain-lorrain.fr/economie/2016/06/30/le-luxembourg-vers-l-infini-et-au-dela
117 https://www.kpmg.lu/pressconf2016/doc/20160204-LeJeudi-La-difference-paye.pdf
118 http://www.volksfreund.de/nachrichten/region/luxemburg/aktuell/Aktuell-Wie-Luxemburg-im-All-Bergbau-betreiben-will;art1715,4432951
119 http://www.bbc.com/news/science-environment-35482427
120 http://www.reuters.com/article/us-space-mining-ahome-idUSKCN0W001R
121 https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/am-weltall-mineralien-ofbauen
122 https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/asteroid-mining
123 https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/universellen-nation-branding
124 http://www.land.lu/2016/06/10/weltraumwirtschaft%E2%80%A9/

(Schneider leeft ronderem den Desch an hellt säin Handy - hien mierkt net wéi ronderem hien d'Luucht lues a lues aus ginn)

Schneider: Wou ass mäin Handy, dat do muss direkt op Twitter.
"#SpaceRESlux Le #Luxembourg a surpris la presse mondiale #Surprisinglux"
Bam![125] Lo eppes méi poetesches, visionäres.
~~"Science fiction gett Realitéit wann Firmen an Organisatiounen sech am Weltraum no der Schatzkescht vun onberéierten Resourcen emkucken"~~[126]
Méi Visiounen, allez... "Asteroid mining kéint de Räichtum vun neien baal onlimitéierten Resourcen schafen"... Woubäi, vläit nach eppes fir de Pöbel hannendrun geklackt, "an et bitt der Menschheet nei ... Perspektiven".[127]
Hä, wat ass dat, d'LSAP twittert een Zitat vu mir?
@EtienneSchneide : #Steirreform "mat Kapp a Schwanz, eng kloer Emverdeelung, sozial gerecht!" ... Emverdeelung, wat wor dat scho méi... soit, ech retweeten dat...[128]

e)

(Den Pete Worden kennt ran - als Vikinger verkleed?)

Schneider: Wat ass dat op ee mol sou däischter hei?
Worden: Hallo Etienne.
Schneider: Hallo? Ween ass do?
Worden: Ech sinn et, den Simon "Pete" Worden.
Schneider: Oh, Pete, du bass et. Wéi geet et, wéi leeft et bei der NASA?
Worden: Oh, ech sinn net méi bei der NASA, ech setze lo nieft dem Jean-Jacques an dengem Advisory-Board.[129] [130]
Schneider: Ah sou, jo, stemmt...
Worden: An niewebäi sinn ech lo och nach Präsident vun der Stefftung vun "Breakthrough Initiatives"[131], enger Initiativ vum russeschen Milliardär Yuri Milner[132], déi sech mat der Sich an der Kommunikatioun mat Aliens beschäftegt.[133]
Schneider: Ah, ehm. Okay?
Worden: Etienne, ech hunn hei e puer Koleege matbruecht. Deep Space Industries, an Planetary Resources. Se si begeeschtert vum Letzebuerger Projet.[134]
Schneider: Oh, wierklech, dat freet mech awer.
3: Mir komme lo all op Letzebuerg, Etienne, mer kommen all an däi schéint Land.
Schneider: 'T ass wonnerbar, der kritt all ee MoU vu mir. Voila, hei een MoU un Deep space Industries[135], hei een fir Planetary Resources[136]. Ween hätt nach gär ee Public-Private-

---

125 https://twitter.com/EtienneSchneide/status/695359208800198658
126 https://twitter.com/EtienneSchneide/status/701858276842074112
127 https://twitter.com/EtienneSchneide/status/709624067456901121
128 https://twitter.com/lsap_lu/status/704245598321565696
129 http://www.spaceresources.public.lu/en/press-corner/press/2016_05_11-Press-release-Pete-WORDEN-joins-advisory-board_EN.pdf
http://www.businesswire.com/news/home/20160511005072/en/Dr.-Simon-%E2%80%9CPete%E2%80%9D-Worden-Joins-Luxembourg-Government%E2%80%99s
130 http://www.gouvernement.lu/5979442/11-simon-worden
131 https://breakthroughinitiatives.org/Leaders/3
132 http://spacenews.com/pete-worden-leading-100-million-interstellar-spacecraft-tech-effort/
133 http://www.dailymail.co.uk/sciencetech/article-3765753/Mystery-alien-signals-did-NOT-come-ET-New-observations-Breakthrough-Listen-suggests-entirely.html
134 https://deepspaceindustries.com/deep-space-industries-congratulates-luxembourg-on-their-support-of-space-resources-development/
135 http://www.luxembourg.public.lu/de/actualites/2016/05/05-deepspace/index.html
136 https://www.abcbourse.com/marches/spaceresourceslu-le-gouvernement-luxembourgeois-et-planetary-resources-signent_363647_PX4p.aspx

Partnership[137], ee PPP? Oder soll ech d'Uni ustellen nach iergendeppes fir iech ze man? [138] [139]
2: Etienne, eis gouf eppes versprach...
Schneider: Suen, braucht dir Suen, ma da sot dat dach direkt.[140] Do ass bestemmt een Trick mat der ESA méiglech. Mir zweigen d'Letzebuerger Kontributioun un d'ESA einfach of, an investéieren déi öffentlech Gelder an är Projeten.[141] Wéi kléngt dat? Worden, Koleeg, sou hudd der et bei der NASA dach och emmer gemaach fir Space X d'Suen hannen eran ze stiechen.
2: Bon, Space X ass wuel grad éichter een explosivt Thema...
3: Sue sinn just Symbolik, Etienne, mir komme wéinst eppes aneschtem.
Schneider: Ah, ehm, jo, Steiervirdeeler, dir wellt bestemmt Steiervirdeeler vu Letzebuerg hunn. An den USA wäerten är Asteroiden-Resourcen jo bestemmt versteiert ginn. Zu Letzebuerg...
2: Tststs, et geet dach de Moment net em d'Steieren, Etienne. Et geet em de Geschäftsmodell vu Letzebuerg, de Grond firwat all Firma u Letzebuerg interesséiert ass.
Schneider: Ech komme grad net drop.
3: E Gesetz, Etienne, ee Gesetz.[142]
Worden: D'Firmen brauche Gesetzestexter. Si brauchen dat nationalt Recht op hierer Säit. Si brauchen d'Méiglechkeet, fir sech duerch d'Souveränitéit vun engem Stat schützen ze können.
2: Mir hätte gär Gesetzer. [143]
3: Mir welle Fräiheet, Etienne, Fräiheet fir eis aus dem Weltraum dat ze huelen, wat mer wellen. Letzebuerg kann eis déi Fräiheet ginn.
Worden: Du has et versprach, Etienne.
Schneider: Majo... *(Paus)* 't ass jo keng Affaire[144] [145]... Dat muss dann nëmmen nach ee schreiwen[146]... *(waart e Moment, déi aner reagéieren net direkt)* ... Ma ech wäert dach wuel lo kaum een aus menger Partei oder aus mengem Ministere ustellen, ee Weltraumgesetz ze schreiwen, oder?
2: Stemmt. Hei d'Virlag fir eist Gesetz. Dat muss genee sou duerch d'Chamber, Etienne.
3: An da brauche mer ee Stempel vum Stat op all Projet, dee mer virleeen.
Schneider: Ech kann do näischt garantéieren, mir sinn hei an enger Demokratie.

(Luucht aus)

Schneider: Nee Moment, maach d'Luucht nach eng Kéier un, ech hunn eng Fro.
2: Jo?
Schneider: Mir brénge jo op all Pressekonferenz, op all Präsentatioun an all Spillschoul ëmmer déi selwescht Metapher [147]fir den Ofbau vu Weltraum-Resourcen z'erkläeren. De Fëscher am internationalen Gewässer, deem de Fësch gehéiert awer den Ozean net. Mä ech hunn nogekuckt, d'Resourcen um Mieresbuedem, déi däerfen guer net ofgebaut ginn, déi sinn „gemeinsames Erbe der Menschheit“.
3: Maacht iech keng Suergen, Här Schneider, déi richteg Leit sinn tatsächlech grad schonn amgaangen do déi richteg Gesetzesännerungen virzebereeden.[148]
Schneider: Ahjo. Ma dann zur leschter Zeen.

(Luucht aus)

---

137 http://deepspaceindustries.com/deep-space-industries-partners-with-luxembourg-to-test-asteroid-mining-technologies/
138 http://deepspaceindustries.com/prospector-x-an-international-mission-to-test-technologies-for-asteroid-mining/
139 http://wwwen.uni.lu/fdef/droit/equipe/andreas_loukakis
140 http://www.redmond-reporter.com/news/382806111.html
141 http://www.innovation.public.lu/en/financer/competitivite/esa/politique-spatiale/index.html
142 http://www.lequotidien.lu/economie/conquete-spatiale-une-loi-pour-garder-les-pieds-sur-terre/
143 http://www.businesswire.com/news/home/20160603005971/fr/
144 http://www.wort.lu/de/business/conquete-spatiale-luxembourgeoise-une-loi-pour-exploiter-l-espace-des-2017-5751b6f2ac730ff4e7f616c7
145 http://www.wort.lu/en/politics/economy-minister-luxembourg-space-agency-expected-to-take-off-in-future-57d41fdfac730ff4e7f6635a
146 http://www.luxembourg.public.lu/fr/actualites/2016/06/03-space/index.html
147 http://radio.rtl.lu/emissiounen/background/958548.html
148 http://science.orf.at/stories/2786980/

Szeen 7

Chamberdénger: Léiwe Public. Souwäit ass et also komm. Letzebuerg kritt ee Spaceminінggesetz. Rezenten Aussoe vum Minister Schneider no ee Gesetz, dat et Firmen an Investisseure vun iwwerall hier erlaabt, zu Letzebuerg hier Weltraummissioun unzemellen an ennert der Verantwortung vum Letzebuerger Stat dann op hier Expeditioun an de Weltall ze starten. Dat Gesetz wäert wahrscheinlech nach virum Wanter präsentéiert ginn. Fir dass dir net soulaang waarde musst, hu mer hei scho mol een Ausschnett vun der Chamberssetzung virbereet. D'Presidence vun der Chamber huet den Här Mars di Bartholomeo.

Mars Di Bartolomeo: Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, der Diskussioun vum Projet iwwert d'Notzung vum extra-atmosphäresche Raum. D'Wuert huet den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot.
Franz Fayot: Merci Här Präsident, dir Dammen an dir Häre. Mam virleienden Text gett de Weltraum privatiséiert. Mir kopéieren hei ee Gesetz aus den USA, awer maachen et nach méi interessant fir Investisseuren, well eist Land keng performant Kontrollmechanismen huet, all meiglecht Kapital zouléisst - interesséiert sinn am Moment virun allem d'Arabesch Emirater - a well eist Land alles ennerschreiwe wäert wat un Exploitatiounsproposen kennt. Et ass eis ganz egal, dass mer d'Iddi vun den Vereenten Natioune mat de Féiss rennen, dass mer iergendwelche Supperräichen hieren Hobby finanzéieren, dass mer déi Räich méi räich an déi Aarm méi aarm man. Mir fanne Kolonisatioun gutt... wat och emmer dat heescht.
Chamberdénger: Interruptions. Mr. Fernand Kartheiser, ADR
Fernand Kartheiser: Mer mussen mat den Saudis an den Arabeschen Emiraten oppassen, wëll mir gi jo och vun de Moslemen koloniséiert.
Franz Fayot: Mir fannen also Kolonisatioun gutt, an am Weltraum kennt jo och kee Mensch zu Schued, et kann do also jiddereen maache wat e well. Eis als LSAP ass besonneg wichteg, dass et déi Privatleit a grouss international Firmen sinn, déi sech hei beräichere können, ouni Angscht virum Stat oder gemeinschaftlechen Reegele mussen ze hunn.
Chamberdénger: Coups de cloche de la Présidence
Franz Fayot: Ech felicitéieren eis och, dass mer 2004 net accidentiellerweis de Mound-vertrag vun der UN direkt matgestemmt hätten, soss wier dat haut net méiglech.
Chamberdénger: Une voix.
Eng Stemm: Mir kéinten jo e Referendum maachen.
Franz Fayot: Mir kéinten jo ee Referendum maachen, an déi Leit, déi dem Moundvertrag zoustemmen, géife mer dann op de Mound schéissen
Chamberdénger: Hilarité et interruptions diverses
Franz Fayot: De Staatsrot fennt dat Gesetz hei och wonnerbar an dréint sech a sengem Avis dobäi em 180°, de Staatsrot schreift och, dass et gesetzlech keng Bedenke géif gi, well Space-Mining jo wier, wéi wann een als Fëscher op internationalen Gewässer géif e Fësch fänken. Ech hunn dat Beispill net verstan.
Chamberdénger: Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence
Franz Fayot: Dat ass alles. Wat d'Fraktioun ugeet, sou wäert d'LSAP-Fraktioun mat grousser Begeeschterung desem Text d'Zoustemmung ginn.
Merci.
Chamberdénger: Plusieurs voix
Jiddwereen*t: Très bien.
Mars Di Bartolomeo: Merci Här Fayot, Éischte Riedner ass den honorabelen Här Berger vun der DP
Eugene Berger: Dee Projet ass jo wichteg fir déi Räich. Dofir wäert et iech net wonneren, Här President, wa meng Fraktioun deem Projet hir Zoustemmung gett.
Chamberdénger: Plusieurs voix
Jiddwereen*t: Très bien.
Mars Di Bartolomeo: Merci Här Berger, den Här Wiseler huet d'Wuert

Claude Wiseler: No den ausfeierleche Erkläerungen vum Rapporteur...
Chamberdénger: Hilarité
Claude Wiseler: ...well ech och dann den Accord vun eiser Fraktioun bréngen. Ech well awer och soen, dass dat do näischt Neies ass, dat louch bei der CSV schonn am Tirrang. Merci.
Chamberdénger: Plusieurs voix
Jiddwereen*t: Très bien.
Mars Di Bartolomeo: An als leschte Riedner huet déi honorabel Madame Vivianne Loschetter d'Wuert.
Vivianne Loschetter: Mir bréngen selbstverständlech och eis Zoustemmung zum Text. Et wier jo lächerlech, wa mir Grénger an der Regierung iergendwelch Idealer geltend maache géifen. D'Vereent Natioune woren eis nach ni wichteg, d'Verschmotzung vum Weltraum ass wäit fort. Space-Mining ze kritiséieren, wier jo wéi wa mer d'Wuesstumslogik kritiséiere géifen, hahaha, wéi naiv. Also, mir halen d'Schness a stemmen mat.
Mars Di Bartolomeo: Ah, ech gesinn nach grad, dass déi Lénk och zu Wuert komme wellen, dajee alt.
David Wagner: Jo, ma mir fannen dass alles iergendwéi och net sou gutt, weess net, ass einfach ee mulmegt Gefill awer dobäi. Well dat do ass jo awer e bësse Kapitalismus an dee gesi mir e bësse méi kritesch!
Mars Di Bartolomeo: Merci un déi Lénk, da könne mer jo och soen, dass et kritesch Stemmen gouf an all ee gutt Gewessen hunn. D'Wuert huet fir d'Regierung de Wirtschaftsminister Etienne Schneider.
Schneider: *(kennt ran)* Dir léif Dammen an Hären. Et ass kloer, dass d'Welt näischt dovunner huet, wa mir haut dese Projet stemmen. Mä mir können net méi laang waarden an lo nach mat der ganzer Welt diskutéieren. D'Zäit am Weltraum ass begrenzt, wee weess, wéi laang dee ganze Platin nach em d'Sonn kreesst. Eist Land ka vun desem Projet de Loi just profitéieren... well... well et bedeit: Diversifikatioun. Denkt un déi Staatsbeamten, déi an eise Ministèrien Dag fir Dag Gesetzer ofsteppelen, Steierrulingen zum Beispill. Denkt drun, wat fir eng Diversifizéierung et fir déi Leit bedeit, och mol ee Weltraumgesetz ofzestempelen. Wee wees, vläit stempelt ee Letzebuerger Beamten jo de Verkaf vum Mound of. Oder d'Exploitatioun vun der Sonn. Haut gett hei Geschicht geschriwwen.
Mars Di Bartolomeo: Domadder ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kéimen dann zum Vote vum Projet de loi.
*(Jiddwereen*t heft d'Hand)*
Et ass also esou décidéiert.
*(Jiddwereen*t ass um feieren)*